



Mir hätte gären e Gesetz a mir verlossen eis och net op e Ministeschgesetz, wat iergendwa komme soll. An aacht Méint soll d'Vollek iwwert d'Mandatsdauer vun de Ministeren ofstëmmen, Här President. Awer d'Chamber soll net kënnen e Gesetz unhuelen, wat de Ministere Verhalensregele während hirer Mandatsdauer gëtt. An ech mengen, dat ass net nozevollzéien! Duerfir ass d'Konklusioun vun eiser Motioun, wou ech gären e Vote hei driwwer hätt: «invite le Gouvernement à déposer un projet de loi relatif fixant les droits et devoirs de ses membres dans les meilleurs délais», an dat ass quasi en Zitat vum Regierungsprogramm.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci och dem Här Urbany. Ech hunn d'Wuertmeldung vum Här Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Ech kann dat och kuerz maachen. Zur Form: Bon, ech mengen, den Här Urbany huet net onrecht. Do huet d'Regierung eigentlech selwer Ulass ginn zu senger Motioun. Hien ziéiert et och nach eng kéier an de Considérante vu senger Motioun, dass an dem Regierungsprogramm steet: «Le Gouvernement présentera un projet de loi sur les droits et devoirs des membres du Gouvernement».

Bon, firwat dass d'Regierung deem selwer gesteckten Zil dann net nokomm ass an hiren Uspréch net nokomm ass, dat muss se da selwer erklären.

Zum Fong awer - a wat och de Vote vun der CSV dokumentéiert -, dat ass folgenden: Mir hu virun der Sommervakanz e Code de déontologie fir d'Chamber gestëmmt. Ech mengen, dat ass en équilibréierten Text, deen een aneschtlers hätt kënnen presentéieren, mä en hat awer e grouss Konsens an der Chamber. An deem hu mer iwwer eng Modifikatioun vun eise interne Chambersreglement gemaach, also wou keng Regierung sech, loosse mer soen, an déi Dispositiounen vun de Rechter a Flichte vun den Deputéierten agemëscht huet.

An an deem Sënn kënnen mer och novollzéien, dass, wann d'Regierung hir Rechter a Flichte vun hire Memberen an e Règlement grand-ducal affléisse léisst, dat fir eis och en équilibréierten Text ass, dass dann och d'Chamber sech net forcément sollt doranner amëschen.

Ech muss och soen, dass an der Substanz, quitte dass dat ëmmer als e Quantesprong presentéiert gouf, mä dass an der Substanz deen Text, deen d'Regierung an hirem Code de déontologie huet, deen an engem Règlement grand-ducal da virgesinn ass, dass deen net wesentlech ofweicht vun deene Regeln, déi sech déi fréier Regierung ginn huet.

An aus deene Grënn, Här President, bleiwe mer och bei deem Vote, dee mer an der Institutionskommission ausgedréckt hunn, nämlech dass mer als CSV déi Motioun vun deene Lénke wäerten oflehnen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen d'Konklusioun vum Här Roth, awer net onbedéngt d'Argumentatioun, wat eis Fraktioun ubelaangt.

Mir hunn déi dote Fro jo och diskutéiert, net nëmmen ënnert eis an der Commission des Institutions. Effektiv war déi Motioun jo en Dagesuerdnungspunkt bei eis an enger Sitzung. Mä mir hunn dat gemaach, wou mer och de Minister héieren hunn a sengen Explikatiounen, well mir jo als LSAP-Fraktioun awer der Meenung sinn, dass et der Chamber net dierf egal sinn, wat fir eng Deontologieregele sech d'Regierung gëtt, well mer jo eng Kontrollfunktoun vun der Regierung hunn. Also mengen ech, dass sech d'Fro anescht stellt wéi bei der Chamber selwer.

Nach mengen ech, dass ee muss en Ënnerschied maachen tëschent der Form, déi een deem Ganze gëtt, deem Kodex gëtt, an dem Inhalt. D'Form ass fir mech bal zweetrangege, muss ech elo ganz éierlech soen. Wat zielt, ass den Inhalt. An den Inhalt, deen diskutéiere mer haut, deen hu mer an der Kommission diskutéiert.

Den zoustänneg Minister, den Här Braz, huet sech och formell engagéiert, fir och, wann den Avis vum Statsrot virläit zu deem Règlement grand-ducal... Deen also och awer an enger offizieller Prozedur mat dran ass! Et ass jo kee geheimen Text, dee kee géif kennen. Do kënn herno en Avis eraus vum Conseil d'État, deen och wäert effentlech sinn. An duerno muss d'Regierung no Consultatioun vun der Chamber dann hir Responsabilitéit huelen, fir an

engem Règlement grand-ducal - dat ass dee Wee, dee si gesicht hunn - da sech hir Deontologieregelen ze ginn.

Mä selbstverständlech awer no Diskussioun an der Chamber, nodeem se héieren huet, wat vu Suggestiounen, vu Remarquen, vu Kriticke gemaach ginn ass zu deem doten Text. An duerno selbstverständlech ass dat och weider eng Diskussioun, déi op ass, eng Debatt, déi op ass, wéi se och am Ausland ni definitiv zou ass, mä ëmmer erëmkënn.

An et ass kengem Deputéierten hei verwier, wann e mengt, e wéisst schon, wat ee soll an esou e Gesetz schreiwen, eng Proposition de loi eranzeginn. An ech freeë mech drop, déi dann deemnächst hei kënnen och eventuell ze diskutéieren, wéi sech dann déi Leit, déi behäert mengen, déi dote Regele kéinten nëmmen iwwer e Gesetz festgeluecht ginn, wéi si sech da virstellen, wéi déi Regeln am Detail dann do ausgesinn.

Ech mengen, wichteg ass, dass mer eng Debatt um Fong kréien. Déi hu mer haut. Déi hate mer an der Kommission. Déi kënnen mer mar kréien. Dir kënn Interpellatiounen zu deem dote Punkt maachen. Et ginn also vill Méiglechkeeten, fir effentlech déi dote Froen ze diskutéieren. A fir mech ass et dann zweetrangege, ob et an e Règlement grand-ducal stoe kënn oder an e Gesetz stoe kënn. Zumools well d'Regierung d'Optioun geholl huet - an déi ass, mengen ech, a priori richtig -, fir keng zousätzlech Sanctions pénales virzege sinn.

An ech sinn nach ëmmer dofir der Meenung, dass e Gesetz soll do sinn, fir normativ ze wierken, fir Norme festzeleeën an och d'Sanktiounen festzeleeën, wann déi Normen net respektéiert ginn. Wann een dee Wee net geet - d'Regierung huet déi Optioun net geholl, mat mengen ech novollzéibare Grënn, well den Droit commun eigentlech haut schon eis eng ganz Panoplie vun Instrumenter gëtt, fir Sanktiounen virzege sinn -, da mengen ech, dann ass et och zäimlech zweetrangege, ob een dat an engem Règlement grand-ducal mécht oder an engem Gesetz mécht.

Dofir wäert och d'LSAP-Fraktioun géint déi dote Motioun stëmmen. Domadder läit se jo och an der Linn vun deenen Aarbechten, déi mer an eiser Kommission haten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci dem Här Bodry. D'Wuert huet nach gefrot: d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (*déi gréng*).**- Merci, Här President. Well den Här Bodry ëmmer viru mir schwätzt, hält e mer eigentlech eng Rëtsch vu Saachen ëmmer ewech, déi ech wollt soen, soudatt ech mech am Fong geholl kann un dat ralléieren.

Ech wollt awer bäifügen, datt nonobstant vun deem, wat de Minister elo nach wäert soen, et ons awer och wichteg ass, datt d'Chamber d'Kontroll iwwert dat behält, wat d'Regierung mécht, net nëmmen an deene Gesetzesprojeten, déi se déposéiert, mä och eben an där Manéier, wéi se dann hir Aarbecht gesäit a wéi se hir Aarbecht mécht a wat dann alles sech draus an nach kann déduéieren. An ech denken, datt dat ginn ass.

De Minister huet eis e puermol och gesot: „Ech kommen all kéiers an d'Chamber, wann Der mech rufft, an ech sti Ried an Äntwert dozou.“ Ech mengen, dat ass e Wuert. A wann et muss sinn a wa Klärungsbedarf ass, wäerte mer dovunner och Gebrauch maachen.

Fir de Rescht, mengen ech, ass alles gesot. D'Form ass zweetrangege. Et ass den Inhalt, deen zielt. Deen ass mat deem Reglement ginn a mir kënnen mat deem Reglement liewen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci der Madame Loschetter. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Justizminister fir d'Regierung.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.***- Merci, Här President. Den Här Urbany formuléiert jo net fir d'Éischt am Fong eng Kritik un der Form an och e puer Kriticken um Fong. An der Form resuméiert sech seng Kritik drop, ze soen, d'Regierung hätt de Wee vum Règlement grand-ducal ausgesicht, fir sech der Chamber ze entzéien. Ech entzéie mech dann haut fir d'Zweet ouni Erfolleg der Chamber! An ech wäert mech nach an e puer Wochen eng drëtte kéier ouni Erfolleg der Chamber entzéien, wann den Avis vum Statsrot bis virläit.

Ech muss soen, ech fannen dee Virwurf éierlech gesot - besonnesch, zënter dass d'Oppositioun ënnert där neier Majoritéit eng ganz Partie Rechter bäikritt huet, Initiativrechter och nach bäikritt huet hei an der Chamber -, dee Virwurf, dass eng Regierung sech der Chamber

kéint entzéien, éierlech gesot absurd, an entschëllegt den Ausdrack! Mä d'Chamber ass ëmmer, ëmmer als éischte Pouvoir an der Positioun an an der Lag, fir d'Regierung ze ruffen, fir zu all Thema ze diskutéieren. An ech wäert am Numm vun der Regierung mech zu deem Thema virun der Chamber esou oft verantworten, wéi et de Wonsch vun der Chamber ass. Dee Virwurf, ça ne tient pas la route! Entschëllegt fir dat esou däitlech ze soen.

Zum Fong: d'Fro nom Ministeschgesetz. D'Ministeschgesetz wäert kommen, an zwar dann, wann d'Verfassungsrevisioun, déi elo diskutéiert gëtt, ofgeschloss ass! Mir hunn am Artikel 82, deen traitéiert iwwert d'Inculpatioun vun de Ministeren, am Moment zënter laange Joren eng net ofgeschlossene Situatioun, well dat Gesetz, wat d'Constitutioun verlaangt, ni gemaach ginn ass. Dës Regierung engagéiert sech, wann d'Verfassungsrevisioun, déi usteet, ofgeschloss ass, e Ministeschgesetz ze maachen.

Firwat hu mer fir déi deontologesch Regeln net mussen e Gesetz maachen? Den Här Bodry huet et eigentlech schon erkläert: well et net noutwendeg war fir déi Ziler ze erreechen, déi mer eis gesat hunn. An der Haaptsaach do-wéinst, well mer keng zousätzlech nei penal Infraktiounen zu Lëtzebuerg musse schafen. Dat hu mer gepréift. Dat war nämlech d'Intentioun. Wann der hätte musse geschafe ginn, hätte mer se och geschafen, an dat da selbstverständlech och iwwer Gesetz.

No Analys an no Consultatioun mat enger Rei vu Leit, och mat Transparency International, mam Parquet, hu mer erausfonnt, dass Lëtzebuerg all den Uspréch, wat d'penal Sanktiounen betrëfft, haut gerecht gëtt. Mir hunn also kee Besoin, fir iwwer e Gesetz eppes zousätzlech anzeféieren, woumadder de Règlement grand-ducal als Contenant parfaitement suffisant ass. An dat ass och legistesesch komplett richtig, dass mer dann op e Gesetz verzichten. Domadder verzichte mer awer net op eng Debatt virun der Chamber.

Aner Virwërf, déi formuléiert gi sinn: dass déi sougenannten „cooling-off period“ elo hei net gutt geregelt wier. Dat bestreiden ech a weisen dat och zréck. Déi ass ganz gutt geregelt. Déi ass souguer streng geregelt!

Mir hunn eng „cooling-off“-Zäit an deem Règlement grand-ducal an Zukunft als Regierungsmembere vu 24 Méint! Dat gëtt et menges Wëssens a kengem aneren europäesche Land. Déi hunn alleguerten 12 Méint oder maximal 18 Méint. An déi Regele sinn och, an do muss ech dann och dem Här Roth soen, dass ech net ganz mat em averstane sinn, déi Regele bei eis, déi sinn elo juristesesch verbindlech.

An dee viregten Text, dee war dat net. An do-run huet och seng Publikatioun, déi dës Regierung iwwregens duerchgezunn huet, näischt geännert. Deen Text hat keng legal Valeur. Dese kritt als Règlement grand-ducal ganz wuel eng legal Valeur.

An en huet dann och Bestëmmungen am Rahme vun der ziviler Responsabilitéit, wou mer also keen neie Regime erfanne fir Regierungsmemberen, dee riskéiert hätt, virun enger Cour constitutionnelle eventuell net ze bestoen. Dofir begi mer dee gesécherte Wee vum Artikel 1382 an 1383 vum Code civil, wou mer genee wëssen, wéi eng Responsabilitäten dass mer schafen a wéi eng dass missten assuméiert ginn am Fall vun engem Feeler, nämlech bis zu souguer an Héicht vum Gesamtschued, deen duerch e Feilverhale vun engem Minister no senger Mandatsperiod entstane wier.

Mir maachen och däitlech Fortschrëtt bei der Transparenz. Och par rapport zum viregte Code, och par rapport zu den Interessevermischungen ass dese Code wesentlech méi streng. An ech soen dofir och ganz däitlech, wa keng aner Sanktiounen dra sinn, wéi den Här Urbany bemängelt, dann ass dat e falsche Verglach. Et ass wierklech e falsche Verglach!

Firwat huet d'Chamber aner Sanktiounen? Jo, well et an der Chamber d'Sanktioun vum „Rauswurf“ eigentlech net gëtt. D'Mandat kritt ee vum Électeur souverain. An nëmmen an engem ganz restriktive Fall, wann ee ganz laang guer net hei géif opdauchen, mä soss gëtt et kee Fall, wou een engem Deputéierten dierf soen: „Du bass zwar gewielt ginn, mä mir gehéien dech awer eraus.“ Aus lauter gudde Grënn! Dofir muss ee sech dann aner Sanktiounen afale loossen.

An der Regierung, do gëtt een net gewielt, do gëtt ee genannt. An dofir gëtt et an der Regierung - net d'„Kapitalstrof“, wéi ech fälschlecherweis zitéiert gi sinn, mäin Ausdrack ass ëmmer d'„maximal Strof“, deen ech benotzen -, dofir gëtt et déi maximal Strof fir Regie-

rungsmemberen. Nämlech een, dee sech net un de Code de déontologie hält, dee riskéiert, aus der Regierung ganz einfach erauszeféieren. Wie sech net behält wéi ee Minister, bleibt net Minister.

Dat geet an der Chamber net. Dat geet an der Regierung. An dofir fannen ech, déi Sanktiounen, déi am Chamberstext stinn, déi si ganz richtig fir d'Chamber. Déi brauchen am Regierungstext net dranzestoen. Well et ass evident, dat ass eng politesch Fro. Mir schwätzen do vu politesche Regeln, vun deontologesche Regeln. A wann ee sech net drun hält, da weess en, dass en eng Belaaschtung gëtt fir d'Regierung an da riskéiert, net an all de Fäll, mä e riskéiert dann natierlech och d'Sanktioun, aus der Regierung erauszeféieren.

Am Résumé, Här President: Ech mengen, dës Regierung an dës Majoritéit kënnen houfreg sinn op deen doten Text. En huet eis jo och net vun ongeféier en héicht Luef an eng héich Unerkennung abuecht duerch Transparency International. A sidd mer net béis, Här Urbany, wann ech déi méi héich, an deem Fall, schätze wéi Är Kritik.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.***- Merci dem Här Justizminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d'Motioun.

Ass de Vote électronique gefrot?

(Assentiment)

Jo, okay.

Vote sur la motion

Majo, dann ass de Vote lancéiert. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 58 Nee-Stëmme bei 2 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen dann zu eise zweetleschte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. An do geet et ëm en Ännerungsvorschlag zum Chambersreglement iwwert d'Designatioun vun zwee Membere fir de Conseil national des finances publiques. De Rapporteur ass den éierewäerten Här Gast Gibéryen. An den Här Gibéryen huet d'Wuert.

19. 6717 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la désignation de deux membres du Conseil national des finances publiques

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech hoffen, dass ech mat dëser Proposition fir d'Ännerung vun dem Chambersreglement méi Succès hu wéi virun enger Stonn mat menger Proposition de loi.

(Hilarité et interruptions)

Här President, duerch Gesetz vum 12. Juli 2014 hu mer en neit Gremium, e Gesetz geschafen iwwert d'Koordinatioun an d'Governance vun den effentleche Finanzen. An an deem Gesetz ass och virgesinn, datt et e Conseil national des finances publiques gëtt. An an deem Conseil



national des finances publiques ass et un der Chamber, fir zwee Membere fir dee Conseil ze proposéieren.

D'Modalitéiten, wéi dës Designatiounen hei an der Chamber geschéien, fir déi zwee Membere ze proposéieren, hu missen an eise Reglement festgeluecht ginn, wat mat dëser Proposition och soll geschéien.

Et ass festgehalen ginn, datt et sollt eng Procédure alléigee ginn. Dat heescht, mir hunn heibannen och schonn Nominatiounen gemaach, wou de Poste mat Kritären ausgeschriwwen ginn ass, wou dann déi Leit, déi sech beruff fonnt hunn, sech konnte mellen. An dann hate mer Prozeduren, wéi mer heibannen de Choix getraff hunn.

Op dës Prozedur gëtt an dësem Fall net zrëckgegraff. Et ass un der Presidentekonferenz, un de Parteien, fir Leit a Propositionen ze bréngen, déi dës Kritären, wat hir Kompetenzen ubelaangt, wat hir Experienzen ubelaangt, entsprechen an déi aus dem Privatsektor kommen, fir déi a Propositionen ze bréngen. An et ass dann un der Presidentekonferenz, fir hinzugeen an zwee Kandidaten der Chamber ze proposéieren.

Déi zwee Kandidaten ginn am Prinzip ouni Vote hei ugeholl, par acclamation, et sief, et géif een Deputéierten e Vote secret verlaangen. Da gëtt fir déi zwou Persounen zweemol eenzel esou e Vote duerchgezunn. A wann ee vun deenen zwee Kandidaten keng Majoritéit krit, da wier et un der Presidentekonferenz, fir en neie Kandidat ze proposéieren.

Een eenzel Deputéierte ka verlaangen, datt et e Vote secret iwwert d'Bestëmmung vun deenen zwee Kandidaten gëtt.

Zum Schluss nach: Den Artikel 204 vum eise Reglement gesäit vir bei enger Décisioun, déi mer hei huelen, wat eng Ännerung vum eise Reglement ubelaangt, datt déi Ännerung an där nächster effentlecher Sëtzung géif a Kraaft trieden no der Décisioun hei oder dem Vote hei vun der Chamber.

Well hei eng gewëssen Urgence besteet, ass an dësem Text mat festgehalene ginn, datt déi üblech Prozedur fir d'Äkraafttriede vun enger neier Bestëmmung an eise Reglement dës Kéier net benotzt gëtt, mä datt dës Bestëmmung direkt mam Vote a Kraaft trëtt. Wat eis dann och erlaabt, um nächste Punkt vum Ordre du jour schonn d'Nominatioun vun deenen zwou Persounen, déi mer proposéieren, hei kënne virzehuelen.

Et ass also eng Prozedur, déi mer hei an eise Reglement aschreiwwe fir d'Nominatioun vun deenen zwou Persounen, déi mer proposéieren fir an de Conseil national des finances pu-

bliques, wéi en am Gesetz vum 12. Juli 2014 virgesinn ass.

Dës Proposition ass an der Reglementskommission eestëmmege ugeholl ginn. An ech géif d'Chamber och domadder bieden, deem Beispill vun der Reglementscommission nozekommen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Dozou Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall...

(Brouhaha)

...ausser dem Serge Urbany.

Discussion générale

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Bon, Här President, hei wëlle mer jo e Kontrollorgan schafen iwwert d'Finanzen am Kader vun där ganzer europäescher Diskussioun, wéi d'Finanzen vum Land sollen an Zukunft gëiert ginn. Dat soll e Kontrollorgan si vun der Chamber.

Et steet am Text dran, dat wiere Kandidaten aus dem Sektour privé, déi do sollen a Fro kommen. Enner Kandidaten aus dem Sektour privé stellen ech mer net onbedéngt nëmme Leit vir, déi a Gesellschaften eng Funktioun hunn. Ech kéint mer do och aner Leit vun Associatiounen virstellen, zum Beispill Associatiounen, déi kritesch si vis-à-vis vun der Finanzentwicklung.

Wann ech awer d'Kandidaten kucken, esou wéi se hei virleien, dat sinn: Direkter vun der ALFI, vun der Fongenindustrie, et ass en Direkter vun der SES, dee gläichzäiteg och Direkter vun der FEDIL ass a vu BIP Investment, fir nëmmen ee Beispill ze gi vu senger ville Funktiounen.

Et sinn iwwerhaapt och Leit, déi vun hirer Vergaangenheet hier och emol scho fir de Stat geschafft hunn. Et ass also do och eng Imbrication zwëschen deenen Interessen, déi do geschitt. An ech mengen, dass dat hei op jidde Fall e schlechte Choix war vu Kandidaten, deen do geholl ginn ass.

Mir kënnen dat net deelen. Mir fannen, dass et eesäiteg ass, dass ee soll Leit do nennen, déi kritesch och si vis-à-vis vu gewëssenen Entwicklungen, net Leit, déi dës Entwicklungen nach verstärken. Dofir wäerte mir e Vote froen zu deene Kandidaturen do.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech wollt just soen, Här Urbany, Dir waart nach beim falsche Punkt. Well mer mussen emol fir d'Éischt d'Ännerung vum Reglement stëmmen. Da géif ech mengen, dass mer zur Ännerung

vum Reglement iwwerginn. Dat ass den Document parlementaire 6717'.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6717

An ech géif direkt d'Ofstëmmung lancéieren. D'Procuratiounen sinn, mengen ech, och ofgeschloss. Ass dat esou?

(Assentiment)

Jo. An d'Ännerung vun eise Reglement ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Pölfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Och hei brauch ech net d'Fro no der Dispens ze stellen. Mir géifen dann elo zu der Designatioun vun de Membere kommen.

20. Désignation de deux membres pour le Conseil national des finances publiques

Ech wëll lech soen, dass d'Conférence des Présidents sech op zwee Kandidaten gëeenegt hat. Den Här Urbany ass mer e bëssen zevirkomm, andeem e se scho bal ausféierlech virgestallt hat.

Et handelt sech ëm d'Madame Anouk Agnes, déi bäigeeuernet Direktesch ass vun der ALFI, dat ass d'Association luxembourgeoise des

fonds d'investissement. Si war och laangjäreg Mataarbechterin vum Finanzministère a vu Lux-Development.

(Interruption)

Jo, manner laang.

Den Här Romain Bausch ass effektiv laangjährege President vun der Société européenne des satellites, SES, gewiescht a war virdru Spëtzel-fonctionnaire an dem Finanzministère.

Mir hunn also hei zwou Kandidaturen virleien, wou Eenegkeet an der Conférence des Présidents war, mä hei ass de Vote gefrot ginn.

Ech géif also zum Vote iwwergoen. Mir mussen zwee Votte maachen. An ech wëll lech awer berouegen, dat sinn dës Kéier elektronesch Votten.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - D'Chamber huet sech moderniséiert a mir woen dann - a keng Procuratioun! - de Sprong an den elektronischen Zäitalter mat den Ofstëmmungen iwwer Personalfroen.

Selbstverständlech, et ass e Vote secret électronique. An ech géif dofir proposéieren, dass mer - les dames d'abord - mat der Madame Agnes géifen ufänken. Keng Procuratiounen!

Vote sur le premier candidat

Ech géif dann de Vote lancéieren. Ech ginn der-vun aus, dass de Vote ofgeschloss ass. Dat ass geschitt.

54-mol ass ofgestëmmt ginn, 51-mol Jo, Nee 3-mol. Domat wär d'Madame Agnes als Member vum Conseil national des finances publiques designéiert.

A mir géifen zu där nächster Ofstëmmung iwwergoen. Dës Kéier géif et dann ëm den Här Romain Bausch goen.

Vote sur le deuxième candidat

De Vote ass lancéiert. An en ass schonn ofgeschloss.

Datselwecht Resultat: 51-mol Jo, 3-mol Nee. Domat wär och de Romain Bausch als Member vum Conseil national des finances publiques vun der Chamber designéiert ginn.


Domat wäere mer um Enn vun eiser Sëtzung.

Ech soen lech villmools Merci. Kommt gutt heem, a Rendez-vous mar de Moien um néng Auer fir den Débat iwwert d'Deklaratioun vum Premierminister. Merci villmools.

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 19.04 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

www.chd.lu